# Di éischt Iddi wor, d'Museksschüler z'entlaaschten

**Fir ze héieren, wéi t zu der Konscht- a Musekssektioun (E an F) komm as, huet "forum" mam fréieren Direkter vum Jongelycée, dem Här Edouard Simon, geschwaacht. Hie sot ons, dass nët all Ziiler erreecht goufen.**

*forum: Här Simon, Dir wart ee vun deenen, déi sech vru Joren agesat hun, fir eng Sektioun E an F (Arts plastiques a Musek) am Secondaire ze schafen. Et géng eis interesséieren, wéi et zu där Initiative komm as?*

E.Simon: Déi Saach louch scho méi laang an der Loft. Verschidde Leit haten schon öfter am klenge Kreess doriwwer diskutéiert. Ech perséinlech hu mer och de Kapp zerbrach, fir erauszefannen, wéi een deene Schüler kënnt entgéintkommen, déi tëschent zwou schwéiren Aufgabe stin: 1. Musek op eng intensiv Manéier maachen an 2. awer och hir Première packen. Mir haten deemols selwer sou Leit op der Schoul, déi z.B. all Woch een Dag op Bréissel gefuer sin, fir do mat engem Professer ze schaffen an da natiirlech Schwiregkeeten haten, fir dat wat se an der Schoul verluer haten, erëm opzehuelen. En aneren ganz dichtegen hat souguer e ganzt Joer am Kolléisch ausgesat an dat an der Vakanz nogeholl. Du koum da folgend Iddi op: Loosse mer deenen, déi e Fach wielen an dat se zimlech vill Zäit mussen investéieren (sief et Musek oder Sport), eng Méiglechkeet gin, fir en enseignement secondaire ouni weider Spezialitéit ze suivéieren. Dat war eng éischt Iddi. Anescht wéi also op der Sektioun B wou Mathematik d'Spezialitéit as, oder op der Sektioun C d'Sciencen, sou sollt déi nei Sektioun keng ausgesprache Spezialitéit kréien, mee all Fächer sollten niewentenee stoen an engem "programme allégé". Sou wanne mer Stonnen, an déi Stonnen kënnten da z.B. fir de Musekstraining benotzt gin. Dat war eng éischt Approche.

Mee du si natiirlech Schwiregkeeten opgedaucht. Déi eng hu gesot: "Dat do gët e Première's Examen, deen as bradéiert. Deenen anere bidde mer en decke Pak Sproochen oder e grousse Bagage Ekonomie an déi "Museker" kréien dat nët. As dat dann nach iwwerhaapt e Premièresexamen?" Doropshin as virgeschloe gin eng Sektioun ze schafen, wou een AM Secondaire déi Spezialitéit kënnt man; am Plaz vu Mathematik oder Ekonomie steet Konscht oder Sport. Déi éischt Iddi war also schons iergendwéi gestuerwen. Déi hätt nämlech och mat sech bruecht, dat een hätt missen op Jugementer vu Leit zréckgräifen, déi nët zur Schoul gehéieren. Dat kann eis Schoul sech awer schlecht virstellen, datt eventuell e Professer aus dem Conservatoire seng Appreciatioun iwwert e Schüler géng gin. No laange Gespréicher goufen dun déi Sektioune geschaf, wéi se lo nach bestin.

## Schwiregkeete fir Museker

Am Fong wor awer kee richteg zefridden. An der Sektioun Musek huet sech nämlech d'Fro gestallt vum Recrutement: sollte nëmmen déi Schüler dra kommen, déi sech wiirklech an der Musek wëlle spezialiséieren oder sollt einfach jiddereen, deen d'Cinquième gepakt hat sech kënnen aschreiwen. Firwat soll deen deen op "musique" geet, schon eng speziell Ausbildung niewent der Schoul misse kritt hun, an deen, deen op "Mathematik" geet, brauch dat nët. Fänkt een op der "Quatrième musique" also bei Null un, oder wëllt e mat dëser Sektioun de Leit d'Chance gin, an hierem Fach wiirklech zu eppes ze kommen? Zwou grondverschidden Tendenzen sin do openee gestouss. Soll dat wat op Septième a Sixième an der Museksstonn geléiert gëtt, d'Basis sin vun deem, wourop op quatrième opgebaut gët? Jiddereen weess awer dat op 7e a 6e e bësschen Museksgeschicht gemaach gët, et gët och nach gekuckt wéi e Musekswierk opgebaut as, d'Schüler léieren e puer Komponisten kennen, mee 't gët jo awer keen do praktesch an en Instrument ageféiert.

An den "arts plastiques" wor dat méi einfach. Déi gouf et jo schons ob 7e, 6e a 5e, sou datt do eng Méiglechkeet war, fir d'Schüler, déi sech begabt gewisen hun, op d'Sektioun E z'orientéieren. Mee bei der Musek, wéi sollt een dann no der 5e een orientéieren, deen ausser datt en déi Jore virdrun e puer Lidder gesongen huet, sech ni musikalesch betätegt hat. Do louch also e grousse Problem. Et konnt ee fir op dës Sektioun ze kommen jo nët en Opnamexamen fuerderen oder en Avis vun engem froen, dee mat der Schoul nët direkt eppes ze din huet. Et as du vill Waasser an de Wäi geschott gin, a schlussendlech konnt jiddereen, dee wollt, op dës Sektioun goen, egal op e qualifizéiert wor oder nët. D'Resultat wor dann och, datt vill ganz gudd Museker sech nët fir dës Sektioun interesséiert hun, well se vum musikalesche Standpunkt nët dat gebuede kruten, wat se sech erwaart haten a well se nët gefuerdert goufen. Si sin héchstens gebremst gin duerch aner Schüler, déi ongeschriwwe Blieder woren an der Musek an déi dës Sektioun gewielt hate, well se geméngt hun, déi géif déi mannste Schwiregkeete man. Ob der Sektioun "arts plastiques" wor dat nët esou, well do jo op eng gewësse Virbildung konnt opgebaut gin. Et konnt méi verlaangt gin an et huet sech e gewëssen Tri vum selwen ergin.

*forum: Wéi soll et da virugoen, wann elo am Secondaire di nei Sektiounsopdeelung no Quatrième kënnt?*


E.Simon: U sech bleiwen d'Konditiounen di nämlecht, mee mat enger weiderer Schwiregkeet, well d'Sektioune eréischt op 2e richteg ulafen. Dat neit Gesetz geseit eng division supérieure mat engem cycle polyvalent (4e an 3e) an engem cycle de spécialisation (2e a 1e) vir. Et as also ze fären, dass op 4e an 3e nët vill Zäit fir Konscht a Musek bleiwt.

*forum: Et as interessant, dat Dir am Kontext vun der Sektioun E de Sport ernimmt hutt. Bis haut schéngt et jo awer esou, wéi wann d'Sportsleit den Anschluss verpasst hätten, fir eng ähnlech Initiative ze huelen?*

E.Simon: Si hun elo eng Klass "à horaire aménagé" geschaf, an dat as am Fong an enger anerer Ausféirung déi Iddi déi am Ufank do war. Duurch dee vereinfachten Horaire soll eng 30- Stonnenwoch op z.B. 25 Stonne reduzéiert gin, fir dass et méiglech gët een Dag an der Woch fir den Training erauszeschlon.

*forum: Wat gët dann elo a puncto Musek op der Sektioun F gebueden?*

E.Simon: Am Lycée selwer kréien d'Schüler eng Rei vun theoretesche Fächer gebueden: Analyse musicale, Museksgeschicht, asw.. Doniewt mussen se Musek praktizéieren (Chouer an Ensembelmusek) a schliesslech sin se obligéiert individuell en Instrument ze léieren. Sie mussen sech engem Jury stellen, de feststellt op se Progrëen maachen.




R. Folmer

*forum: Am Fong huet sech fir déi Museksschüler duerch d' Schafen vun der Sektioun F nët villes geännert. Si mussen jo och elo nach niewent der normaler Schoul hir Museksschoul besichen?*

E.Simon: Dat stëmmt. Si sin zimlech vill beansprucht, sie mussen hierem Fach vill Zäit opferen. Dat as och de Fall fir d'Schüler déi "arts plastiques" maachen. Déi mussen z.B. all Joer en Dossier erschaffen iwwer a mat verschidden Techniken (z.B. Buchillustratiounen, Planchen zu engem Text molen oder Maquette bauen). Déi Aufgabe maachen se doheem a wann een dat gudd wellt man, stécht vill Zäit an Aarbecht dran. An der Schoul maachen se am Fong d'Theorie an d'Praxis mussen se dobausse maachen. Hiren Horaire zielt awer schon 30 Stonnen an der Schoul, am beschte Fall mol 29.

*forum: Déi Section artistique wéi se elo besteet entsprécht da jo nët deene Virstellungen, déi Iech motivéiert haten, se an d'Liewen ze ruffen?*

E.Simon: Wat d'Museksektioun betrëfft op jidde Fall guer nët. An dofir as jo och dat geschitt wat ech am Ufank sot: vill ganz dichteg Elèven an der Musek gi nët op dës Sektioun. Si wielen sech eng aner eraus, fir herno méi polyvalent ze sin, a maachen hir Musek niewelaanscht mat alle Schwiregkeeten, déi domat verbonnen sin: 2-3 Stonnen Repetitiounen manst pro Dag, Deplacementer an d'Ausland asw. - Dat as natiirlech ze man, verschiddener hun et jo bewisen, mee et misst dach Méiglechkeete gin, fir méi en einfache Wee ze fannen.

Och wat d'Débouchéen ugeet schéngt mer d' Sektioun "arts plastiques" besser ausgefall ze sin.

*forum: Am Kader vun den Optiounssystemer missten sech elo vläicht nei Méiglechkeeten ergin?*


E.Simon: Am neie Gesetz steet, datt wann en Elève nët op 30 Stonne Schoul an der Woch kënnt, da muss hien se mat Optiounen opfëllen. Do steet awer neess nët, datt e Schüler deen ausserhalb vun der Schoul eng Spezialitéit mécht, séng Optiounsstonne geschenkt kritt fir se an déi Aarbecht z'investéieren. Hie muss säin Horaire opfëllen mat deem wat am Haus gebueden gët a mir sin neess kee Schrëtt weiderkomm.

## D'Schoul muss sech nach aner Froe stellen

*forum: Dir sot éinescht déi Sektioune wären éischter fir Spezialisten geduecht gewiescht. Mee wär et dann nët awer och wichteg, datt d' Schüler am allgemengen sech méi verdéift mat Konscht kënnten ausenanersetzen?*

E.Simon: Dat as absolut richteg! Mee wéi kann een dat realiséieren an engem Schoulsystem, deen souvill Stonnen an d'Sproochen investéiert? Am Fong kann ee behaapten, datt fir all déi aner Fächer nët genuch Stonnen do sin. Mir leiden ënnert dësem Sproocheproblem. Lo as et awer esou, dat eng Partie aner Fächer et fäerdeg bruecht hun, sech trotzdeem eng Plaz ze schafen, während d'Konschtfächer dat nët fäerdeg bruecht hun. Déi Fächer si nämlech an den A vu ville Leit onwichteg, well fir déi kann ee sech näischt kafen. Si sin nët interessant fir d'Produktioun, fir d'Wirtschaft. Si sin nëmmen e "passe-temps", "des branches de délassement", wéi se souguer vun eenzelne vu ménge Kollegen oft genannt gin. Déi musse mer hun, well d'Kanner jo nët de ganzen Dag roueg setzen an intensiv schaffen kënnen. Ob mer hinnen awer elo do Turnen, Musek oder Kreuzworträtselen ubidden, dat as egal. Et soll jo nëmmen eng "détente" sin.

Déi "détente" huet och kee ganz grousse Stellewert an den Ae vun der öffentlecher Meenung. Et "léiert" een do jo näischt. Rechne, Liese, Physik a Chimie si wichteg fir d'Liewen, fir de Beruff, mee Konscht ass e Luxus.



**Rechne, Liese, Physik a Chimie si wichteg fir d'Liewen, fir de Beruff, mee Konscht ass e Luxus.**

*forum: Dat Argument as och elo neess opkomm. Wann déi Fächer haut neess a Fro gestallt gin, da kënnt dat jo oft vu Leit déi gären hätten, wann z.B. méi Informatik an eis Schoul erakéim. Déi Fäacher gin als méi utilitär ugesin. Dofir kéint een iwwerrascht sin dat Leit, wéi den Här Stelmes als Mathematiker oder Dir als Physiker Iech agesat hutt, datt d' Sektioun E oder F entstanen as. Wéi as dat ze verstoen?*

E.Simon: Wann ee Mathematiker as oder e Sciencefach gewielt huet, as ee jo awer e Mënsch. Konscht as eppes wat zum Mënsch gehéiert, wat méi zum Mënsch gehéiert wéi munnech dréchen Zuelen. Wann ee wellt e jonke Mënsch formeéiren, da muss een deen Aspekt vum Menschsin mat erabréngen an et wär schons wënschenswert wa jiddereen dat vu sech aus géng maachen, wa jiddereen sou staark drun interesséiert wär, datt ët nët néideg wär déi Dimensioun an d'Schoul eranzehuelen. Mee en Ustouss muss gemat gin. D'Fro as vläicht déi, op deen Ustouss, wéi e fréier komm as, ëmmer dee richtege wor. Et as op 7e a 6e gemoolt a gesonge gin, a wat ee méi wäit eropkomm as, wat de Kontakt mat der Konscht ëmmer méi ofgeholl huet. Eng gudd Saach wor d'Aféirung am Joer 1968 vum Cours "histoire de l'art" op Première. Als Iddi wor ët ganz gudd fir de jonke Mënsch an deem Moment eng aner Perspektiv vu Konscht ze weisen, wéi déi: "Nu huel e Blat Papeier a mol eppes!" Dofir as ët lo verdrësslech, datt vläicht geplangt as, fir jhust an deenen ieweschte Klassen déi Saachen falen ze loossen, well an deene neie Stonnepläng keng Zäit dofir bleift.

En aneren Aspekt as dee vun der Fräizäit. De Mënsch muss jo och preparéiert gin, séng Fräizäit op eng vernünfteg Manéier opzefëllen. Soss zille mer eis där "Fachidioten" erun, déi et nët fäerdegbréngen, an hirer Fräizäit eppes aneschtes ze maachen, wéi dat wat se schon de ganzen Dag op hirer Aarbechtsplaz maachen.

*forum: An der Tëschenzäit hun déi Leit, déi op deene Konschtsektioune wore bewisen, datt durchaus en ekonomeschen Impakt vun hirem Fach do as. Eiser Informatioun no, fannen déi Leit all eng Aarbecht. Si gin suguer a Banken agestallt an deene grafesche Berufer, oder am Service vun de rédactions publiques. Och fir Computergrafik si si duerchaus gesicht.*

E.Simon: Vill vun hinnen hun duerno dachs ganz aner Richtungen ageschloen an hun hire Wee gudd gemaach. Dat beweist jo wuel, datt een och mat engem Programm allégé an de Sproochen duerchaus kapabel as, an anere Richtungen ze beston.

*forum: D'Premièresdiplomer woren an där Hinsicht nach ëmmer polyvalent. Et gët Schüler, déi fir déischt op enger B Mathematik studéiert hun an duerno op der Uni an der Geschicht weidergaange sin.*

E.Simon: Een deen d'Section artistique gemaacht huet, huet eng absolut genügend Basis, fir a Richtung Sproochen ze goen. Dat as u sech erstaunlech a misst muenches a Fro stellen.

*forum: Här Simon, mir soen Iech villmools Merci fir dëst Gespréich.*

*(Fir "forum" hun M. Pauly an C. Staudt dëst Gespréich de 5. Februar 1990 opgeholl.)*